
CSV KIELEN
ONS 13 KANDIDATEN
MÉI NO. MÉI KIELEN.

# CSV KIELEN
# ENG STAARK EQUIPE!



CSV Kielen ass frou hir 13 Kandidate fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023 ze presentéieren. Et si 5 Fraen an 8 Männer, mat engem Duerchschnëttsalter vu 46 Joer.

Sie all sinn engagéiert an Associatiounen a Kommissioune vun der Gemeng Kielen. Mir freeën eis op interessant Gespréicher op onse 4 Walversammlungen an eiser Gemeng.

CSV Kielen, eng Sektioun mat iwwer 200 Memberen!

**Kontaktéier eis iwwer E-Mail:**

KIELEN@CSV.LU

KIELEN.CSV.LU

## FÉLIX EISCHEN

57 Joer, Kielen

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

Meng Famill huet absolut Prioritéit. Apaart meng kleng Duechter vun 10 Joer hellt de Papa vill a Beschlag fir dësen oder dee Wee gewisen ze kréien. Ganz heiansdo geheien ech meng Brennerei un fir d'Gin ze brennen.

**FIRWAT POLITIK?**

Politik ass eng Passioun wann een den Optrag huet un der Liewensqualitéit vum Bierger ze schaffen. Des ze verbesseren ass keng einfach awer eng immens opreegend Erausfuerderung. Ech sinn dankbar mat an der Verantwortung a menger Heemechtsgemeng ze sinn.




## BINCK GESCHWIND CHERYL

32 Joer - KIELEN

Landwirtin & Liewensmëttelprod.

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

Méin Liewen dréint sech em eise Buerebetrib, wou méi Mann an ech eis mat vill Häerz em eis Déieren an d'Land këmmeren.
Hei kann eise Bouf eng flott Kandheet an der Natur a mat senger Famill genéissen.

**FIRWAT POLITIK?**

Ech sinn eng jonk Mamm a Schaff-Fra vum Terrain, a kann doduerch vill Sparten an der Politik vertrieden, déi leider esou lues an den Hannergrond réckelen.
Eise Betrib ass Member an der Naturgas Kielen an zum Thema ‚Erneierbar Energie' kann ech mäin Wëssen mat erabréngen.



## GUY BREDEN

52 Joer, Kielen, Informatiker

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

Ech sinn zënter iwwer 2 Joer houfrege Besëtzer vum éischte Waasserstoffauto hei zu Lëtzebuerg. Duerch dësen Auto ginn ech op vill Eventer geruff. Besonnesch d'Virtrag mam Thema „Erneierbar Energien“ an de Schoule maache mir immens Freed.

**FIRWAT POLITIK?**

Ech sinn immens gären ënner Leit an et ass e Privileeg kënnen seng Gemeng aktiv matzegestalten, besonnesch am Beräich Schoul, Digitalisatioun an Energie.



CSV KIELEN

## PAULA DOS SANTOS MACIEL

57 Joer, Kielen

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

Ech sinn als Auslänner op Lëtzebuerg komm a säit 33 Joer wunnen ech an der Gemeng Kielen. Vun Ufank un wollt ech ëmmer eng Hand mat upake bei der Integratioun a sozialer Inklusioun.

**FIRWAT POLITIK?**

Ech engagéiere mech immens gäre politesch an der Gemeng Kielen a kréien esou d'Méiglechkeet do ze hëllefe wou ee gebraucht gëtt.



CSV KIELEN

## NATACHA KOCH

39 Joer, Nouspelt, Selbststänneg

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

Meng Famill ass dat Allerwichtegst an dofir verbréngen ech a menger Fräizäit all Minutt mat mengem Mann an eisen 2 Kanner.
Ech ginn och gären tréppelen a liese gären. Ee gemittlechen Owend änner gudde Frënn bedeit mir ganz vill an do kann ech zur Rou kommen.

**FIRWAT POLITIK?**

Nolauschteren, de Leit hier Gedanken a Problemer verstoen, dofir maachen ech gäre Politik. Et ass mir wichteg dass jidderee soll gehéiert ginn. Politik ass fir mech d'Méiglechkeet aktiv kënnen eppes ze veränneren a matzeschaffen.




## ROMAIN KOCKELMANN


62 Joer, Keespelt

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

Ech hu fir mech den E-Bike entdeckt an domat eng nei Méiglechkeet fonnt fir d'Natur an d'Land mat all senge Facetten nei z'erliewen.
Donieft ass den FC Kielen meng grouss Passioun.

**FIRWAT POLITIK?**

Jidderee soll sech kënne wuel fillen an eiser Gemeng. Hei duerfen eng Hand mat unzepaken an do ze hëllefen wou de Schong mol dréckt ass mir e grousst Uleies.



## GUY KOHNEN

68 Joer, Nouspelt
Infirmier gradué

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

En Deel vu menger Fräizäit verbréngen ech am Bësch, dat mat vill Freed. Et erlaabt mer awer och een Abléck an déi aktuell Verännerungen ze gesi wéi se och duerch de Klimawiessel ervirgeruff gëtt.

**FIRWAT POLITIK?**

Een Engagement an der Gemengepolitik gëtt mer d'Méiglechkeet de Mënsche konkret ze hëllefen. Dofir sinn ech säit 2010 als Vizepresident am regionalen Office Social.



CSV KIELEN

## ANTONIO MARTINO

53 Joer, Kielen, Europabeamten

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

Vu Klengem un sinn ech sportbegeeschtert. A menger Fräizäit sinn ech am Comité vum Fussball täteg an hei ass d'Jugendaarbecht mir un d'Häerz gewuess.

**FIRWAT POLITIK?**

Ech engagéiere mech, dass d'Stëmm vun deene Jonke gehéiert gëtt.
Dat a ville Beräicher, mee virun allem am Sport an an der Fräizäit.



CSV KIELEN

## SYLVIE AZEVEDO PIRES

39 Joer, Kielen, Cadre soignant chef d'unité en hospitalier

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

En gudden Equiliber tëschent menger Famill a menger Aarbecht ass mir wichteg. Meng Kanner si meng Prioritéit. An menger Fräizäit wanderen a reesen ech gären.

**FIRWAT POLITIK?**

Ech presentéiere mech op der Lëscht vun der CSV den 11. Juni, wëll ech mech fir eis Gemeng well engagéieren, an un d'Projete vun der CSV fir eis Gemeng gleewen.



CSV KIELEN

## FELIX THILL

29 Joer - KIELEN
Press & PR bei
Luxembourg for Tourism

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

Lafen a Wandere si fir mech eng perfekt Kombinatioun aus kierperlecher Aktivitéit a fir ze entspanen.
Reesen an dobäi nei Kulturen entdecken ass eng weider Passioun vu mir.

**FIRWAT POLITIK?**

Politik ass fir mech en Engagement bei deem een en oppent Ouer fir déi ronderëm sech muss hunn a sech fir Aner asetzt. Genau dat wëll ech an eiser Gemeng maachen.



CSV KIELEN

## FILIPE TRIGO

25 Joer, olm, Student

### PERSÉINLECHEN INTERESSE:

D'Natur huet mech schonn ëmmer faszinéiert a bréngt mech och emol gären e bëssen erof wann den Alldag méi Stress mat sech bréngt. Ech interesséiere mech fir Konscht, Musek a Reesen. Zu gudder Lescht si mir meng Famill an Kolleegen immens wichteg a verbréngen esou vill Zäit ewéi méiglech mat hinnen.

### FIRWAT POLITIK?

D'Politik gëtt mir d'Méiglechkeet ons Gemeng no vir ze bréngen. Ech sinn dankbar, dass ech als Immigrantekand esou gutt an der Gemeng Kielen opgeholl gouf. Elo wëll ech mäin Deel un der Ëmsetzung vun enger konsequenter Integratiounspolitik bäidroen.



CSV KIELEN

## KEVIN URBING

37 Joer, Nouspelt
Schräiner & Selbststänneg

### PERSÉINLECHEN INTERESSE:

Ech si ganz gären an der Natur an ënnert de Läit. Ech fuere oft mam Vëlo, an ech ginn och vill mat mengem Hond spadséieren. De Sport ze verfollegen ass eng Passioun vu mir.

### FIRWAT POLITIK?

Ech wunne säit 37 Joer an eiser Gemeng, an duerch meng berufflech Erfarung hunn ech d'Méiglechkeet beim Wuesstem vun eiser Gemeng mat ze schaffen , fir dass déi Beschtméiglech Infrastrukture fir eis Kanner a Bierger zu Verfügung stinn.



CSV KIELEN

### PAULINE VAN WISSEN

55 Joer, Nouspelt, Beamtin

**PERSÉINLECHEN INTERESSE:**

No menger Aarbecht sinn ech am Allerléifsten dobaussen an der Natur, sief et um Vëlo, beim Lafen oder och doheem a mengem Gaart. Dat ass fir mech déi flottste Manéier ze entspanen a fit ze bleiwen.

**FIRWAT POLITIK?**

Ech wëll déi Erfarung, déi ech iwwert all déi Joren op menger Aarbecht bei engem Gemengesyndikat konnt sammelen, notzen fir eist #teamkielen ze ënnerstëtzen, all déi Aufgaben, déi weiderhin op eis Gemeng duerkommen, ze meeschteren.



# CSV KIELEN: ENG STAARK EQUIPE !








## #TEAMKIELEN


#TEAMKIELEN

# MIR KOMME BEI IECH

**Méindeg, 5. Juni 19.30 Auer**
**Nouspelt-Pompjeesbau**

**Dënschteg, 6. Juni 19.30 Auer**
**Ollem-Festsall**

**Donneschteg, 8. Juni 19.30 Auer**
**Keespelt-Salle Polyvalente**

**Freideg, 9. Juni 19.30 Auer**
**Kielen - Musekssall**




# INVITATIOUN

**Sonndes, den 11. Juni**
sidd Dir häerzlech invitéiert vu 14.00 Auer un mat eis zesummen am Musekssall zu Kielen d’Wahlresultater z’analyséieren.

*kehlen.csv.lu*

*Facebook*

*Instagram*